PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 JAN. 2020
1662

Lëtzebuerg, den 07/01/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.**

Ee Client, deen zu Lëtzebuerg een Abonnement fir Telefon an Internet kafe wëll, huet de Choix tëschent verschiddenen Ubidder a verschiddene Flatraten, déi jeeweils verschidde Servicer beinhalen. Esou existéieren Abonnementer, bei deenen de Konsument kann illimitéiert uruffen, SMSe verschécken an am Internet surfen. Et ginn awer och Flatraten, bei deenen dës Servicer op ee fixe Montant begrenzt sinn, wou et dem Konsument awer fräi iwwerlooss ass, méi Donnéeën ze verbrauchen de Moment, wou hien d'Limitt vu sengem Abo eréecht. Dës Zousazleeschtunge kritt de Client dann um Enn vum Mount verrechent.

Verschidden Telekomsentreprisë bidden hire Clienten an dësem Zesummenhang eng Sperrfunktioun un, déi dofir suergt, dass de Client net méi Uriff maache kann an och keng weider Online-Donnéeë ka verbrauchen, wéi a sengem Kontrakt virgesinn sinn. Dës Spär gesinn d'Entreprisen awer als Service an esou muss de Client bezuele wann hie wëll, dass dës automatesch Spär gräift.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz der Meenung, dass dës Aart vu Spären dem Client käschtefräi missten ugebuede ginn?

2. Wär et net am Sënn vum Konsument, dass hien der Telekomsentreprise säin explizitten Accord misst ginn, am Fall wou hien seng Daten iwwerschreit an hien och an dem Moment iwwert déi méiglech ufalend Käschten direkt forméiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 07 janvier 2020

Objet : Question parlementaire n° 1662 du 07.01.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Abonnements de télécommunications

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés